piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Belsch lafen Diskussioun iwwert d'Aféierung vun enger Autobunnsmaut fir 2027. Laut engem WORT-Artikel vum 21te Januar soll eng allgemeng Maut agefouert ginn, bei där all Benotzer vun der Autobunn fir d'Notzung bezilt. A Frankräich oder Italien existéieren de Mautsystem (Péage) scho laang.

Zu Lëtzebuerg ginn d'Stroossen aus der Steierkeess vum Steierzueler bezuelt, zum Beispill iwwert d'Autossteier. Vill Gefierer, déi um Transit duerch Lëtzebuerg fueren, bedeelegen sech deemno net un de Käschten vun der Instandhaltung vum Stroossenetz.

Och hei am Land ginn et zënter Jore Fuerderungen, fir d'Aféierung vun esou engem Mautsystem. 2019 haten d'Piraten eng Motioun an der Chamber deposéiert fir eng Stroossen-Vignette, mat där jiddereen, deen eist Stroossennetz notzt, och dofir bezilt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn et Pläng oder Iwwerleeunge beim Ministère oder Regierung, fir eng Maut fir d'Notzung vun all eise Stroossen hei am Land anzeféieren?
2. Falls an der Belsch eng Maut agefouert gëtt, wat fir een Impakt wäert dat op den Trafic op der A6 Richtung Arel hunn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wäert d'Regierung hei d'Gespréicher mat der belscher a wallounescher Regierung sichen a wat ass déi lëtzebuergesch Positioun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten